MIR BRAUCHEN ENDLECH EN NEIT GEMENGEGESETZ FIR EIS ADMINISTRATIOUNEN AN DAT 21. JOERHONNERT ZE BRÉNGEN.

Am Juni si Gemengewalen zu Lëtzebuerg. An deem Kontext, huet sech d'CSJ Gedanke gemaach wéi d'Gemengen hei am Land an Zukunft besser funktionéieren an hir Bierger besser an de politesche Prozess abanne kënnen.

Um nationale Plang huet d'Inneministesch Taina Bofferding 2019 de Prozess lancéiert "Mateneen fir eng modern Gemeng" mam Zil d'Gemengen am Land ze moderniséieren a besonnesch och d'Gemengegesetz vun 1988 ze iwwerschaffen.

Och wann der Inneministesch hir Approche d'Gemengen an dësem participative Prozess mat anzebanne positiv ass, esou muss een awer 4 Joer méi spéit feststellen, datt ganz wéineg geschitt ass.

Et läit bis bis haut keng iwwerschaffte Versioun vum Gemengegesetz vu 1988 vir – net emol eng ëffentlech Propose ass aus deene véier Joer Consultatioun bis elo presentéiert ginn. Nëmmen 2 kleng Gesetzestexter iwwert d'Neiausriichtung vun der Tutelle engersäits, an een iwwert d'Rechter an d'Flichte vun de Gewielten anerersäits, si bis elo deposéiert ginn.

Als CSJ froe mir eis wat genau d'Inneministesch an de leschter Legislaturperiod gemaach huet an ob et normal ass, datt eng Ministesch a 5 Joer keen ee substantielle Gesetzestext deposéiert huet?

Dobäi gëtt d'Moderniséierung vun eise Gemeng ëmmer méi urgent. Et ass wichteg, datt dat neit Gemengegesetz verschidde Funktiounsweise vun enger lokaler Administratioun iwwerschafft, moderniséiert an den aktuellen Erausfuerderungen upasst.

Déi nächst Regierung muss dëse Reformprozess endlech seriö upaken. Konkret fuedert d'CSJ, datt:

- All Gemeng obligatoresch d'Gemengerotssëtzungen ophëllt (mat enger Replay Funktioun déi ëffentlech zougänglech ass), sou datt d'Bierger sech informéiere kënnen. Dëst gëtt ëmmer méi wichteg, well d'Press net méi d'Kapazitéit huet all Gemengerotsversammlungen ofzedecken a fir e Minimum un demokratescher Rechenschaft ofzesécheren. Ab enger Gréisst vun 10.000 Awunner soll en analytesche Bericht geschriwwe ginn.

- D'Gemengen obligéiert ginn innerhalb vun 2 Joer all hire Bierger d'Méiglechkeet ze ginn, sämtlech administrativ Demarchen iwwert den Internet ofwéckelen ze kënnen. Dozou soll och déi legal Obligatioun gehéiere verschidden Dokumenter (wéi zum Beispill de Budget, Deliberatioune vum Gemengerot, all PAG, PAP Dokumenter, Reglementer, Rapporte vun de Kommissiounen, asw.) déi de Bierger a Persoun bei der Gemeng consultéiere kann, och online consutéieren ze kënnen.

- Dat all Gemeng obligatoresch en elektroneschen E-Rider um Internet huet.

- De konkrete Fonctionnement vun der Administratioun souwéi d'Kompetenze vun de verschidde Gemengeresponsabele besser legal ze encadréieren, besonnesch och am Beräich vum Personalmanagement.

- D’Aféiere vun engem Management public professionell mat Organigramm, Description des tâches, gestion par objectifs an Developpement vun de Ressources humaines.

- De congé politique vun de Gemengeresponsabele substantiell an d’Luucht setzen. Mir brauche Vollzäitbuergermeeschteren an all Gemeng a Vollzäitschäffe ab 10.000 Awunner mat entspriechender Entlounung déi hir Gemeng kënne professionell managen, wëll d’Gemenge sinn haut oft mat klengen a mëttelgrousse Betriber ze vergläichen.

- Eng obligatoresch Formatioun vun allen Gemenge – Schäfferotsvertrieder bei där se vun der Aarbecht fir déi Zäit fräi gestallt ginn. Fir de Schäfferot sollen dozou och obligatoresch Management Formatioune kommen.

- De Walalter bei de Gemengewalen op 16 Joer erofzesetzen. D’Gemenge solle participativ Projeten vun deene Jonken an dësem Kontext ënnerstëtzen. Do dernieft muss déi politesch Bildung an de Schoule weider ausgebaut a gefërdert ginn.

- D’Aféiere vun engem Online-Petitioun-System (wéi dee bei der Chamber) fir de Bierger d’Méiglechkeet ze ginn op lokal Problemer opmierksam ze maachen.

- Fir obligatoresch Biergerconsultatiounen (ëffentlech Versammlungen) bei grousse Bauprojeten an der Gemeng (bei PAG a verschiddene PAPen, wou nei Quartieren entstinn oder bestoend ëmgestalt ginn).

- Fir en obligatorescht Ofhale vu „Assises de la Jeunesse“ an engem 2-Joer-Rhythmus.

- Fir d’Ausschaffe vun engem obligatoresche Jugendkommunalplang an alle Gemengen iwwer 10.000 Awunner.

Ugeholl um CSJ Nationalkongress vum 11. Mäerz 2023 zu Déifferdeng